ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3875

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:45, 18/03/2021

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg setzt beim Ausbau vun der ëmwandelbarer Energie staark op industriell Wandanlagen. Dës Technologie bréngt awer eng Rei Problemer mat sech. Si setzt groussflächeg industriell Amenagementer vum Terrain viraus (zum Beispill fir d'Betonsfundamenter) an ass eng Gefor fir gréisser Vugelaarten (zum Beispill den Héngerdéif).

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Energieminister an un d'Madamm Ëmweltminister:

1) Wéi ass et méiglech, datt Wandmillen och a sougenannten "Zones de préservation de grands ensembles paysagers" dierfe gebaut ginn?
2) Op wéi enge bautechnesche Krittäre berouen sou Geneemegungen?
3) Sinn des Krittären och bei anere Bauprojeten, beispillsweis Datenzentren oder Bürosgebaier an däraartegen Zonen applicabel?
4) Gesäit d'Regierung kee Widdersproch doran, am Numm vun der Ëmweltpolitik d'Natur ze zerstéieren?
5) Op wéi enger Basis ënnerscheet si zwëschent Klima- an Ëmweltpolitik?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 23 avril 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°3875 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3875 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, an dem Här Minister fir Energie a fir Landesplanung, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°3875 vum honorabelen Députéierten Fred Keup iwwert Wandparken**

De *Règlement grand-ducal du 10 février 2021 rendant obligatoire le plan directeur sectoriel paysages* verbitt a sengem Artikel 6, datt an de *Zones de préservation des grands ensembles paysagers* nei Landschaftszerschneidungen duerch linear Installatiounen entstinn. Wandturbinne gehéieren net zu de „linearen Installatiounen“ a bleiwen domadder prinzipiell an dëse Gebidder méiglech.

Wandturbinnen an der Gréngzon brauchen eng Geneemegung nom Naturschutzgesetz an nom Kommodo/Inkommodo-Gesetz. „Bautechnesch Krittäre“ gehéieren zum Beräich vun den Normen déi generell duerch esou Anlage mussen agehale ginn a sinn net vu Belang am Landschaftsschutz.

Nei Datenzentren a Bürosgebaier sinn och keng „linear Installatiounen“ am Sënn vum Plan directeur sectoriel, mee se sinn net an der Gréngzon autorisabel.

An den Decisioune vun der Regierung steet generell d'Wuel vun der Gesellschaft a vun de Bierger am Mëttelpunkt. D'Ëmwelt- a Klimapolitik follegt dem Verfassungsoptrag aus dem Artikel 11bis vun eiser Constitutioun: "*L'Etat garantit la protection de l'environnement humain et naturel, en œuvrant à l'établissement d'un équilibre durable entre la conservation de la nature, en particulier sa capacité de renouvellement, et la satisfaction des besoins des générations présentes et futures.*"